

NACH 20 SAACHEN

DÉI S DU VLÄICHT NET IWWERT D'WELT VUN DE SPROOCHE WOSST...



SARDESCH, d'Sprooch déi op der Insel Sardinien geschwat gëtt, ass déi eelst romanesch Sprooch, déi nach am Gebrauch ass. Et geet een dovun aus, dass et déi lieweg Sprooch ass, déi Latäin am änlechsten ass.

Hues de jeemools eppes vu **KARELESCH** héieren? Dobäi handelt et sech ëm eng finno-ugresch Sprooch, déi am Nordweste vu Russland an an Deeler vu Finnland geschwat gëtt. Karelesch ass just ee vu ville Beispiller vum eemolege sproochlechen Ierwen an Europa.

DÉI OFFIZIELL SPROOCH VUN DEN VEREENEGTE STAATE VUN AMERIKA ASS...?

Déi meescht Leit ginn dovun aus, dass et sech ëm Englesch handelt, mee d'USA hunn eigentlech guer keng „offiziell Sprooch“!



Den **NUCLEUS CAUDATUS** ass eng Region am Zentrum vum Gehier. En hëlleft zweesproochege Leit tëschent Sproochen ze wiesselen, mee en hält och Sproochen auserneen. Erfueren zweesproocheg Leit benotzen de Nucleus Caudatus sou vill, dass seng Gréisst ännert.

D'LÄNNER MAT DER GRÉISSTER SPROOCHENDIVERSITÉIT OP DER WELT

Papua Neiguinea	(840)
Indonesien	(711)
Nigeria	(517)
Indien	(456)
USA	(328 Sproochen)

Eng Reegel, déi **ENGLESCHSPROOCHEG LEIT** befollegen, ouni et ze mierken, ass, dass Adjektiven eng gewësse Reiefolleg hunn: Meenung, Gréisst, Alter, Form, Faarf, Hierkonft, Material, Zweck. Zum Beispill klängt „my Greek fat big wedding“ komesch, mee „my big fat Greek wedding“ klängt richtig.

Op **ITALIEENESCH** bedeit d'Wuert „latte“, dat vill Leit fir eng Zort Kaffi benotzen, eigentlech „Mëllech“. Verhal dir dat, fir wann s du bei denger nächster Rees an Italien e Kaffi bestelle wëlls.

XD

Verschiede Sproochen hunn hiert eegent Equivalent vun „hahaha“, fir Laachen an Textform duerzestellen. Du hues bestëmmt schon de spueneschen „jajaja“ gesinn, mee du hues vläicht nach net den thailänneschen „555“ („5“ gëtt „ha“ ausgeschwat op Thailännesch), de japaneschen „www“ („w“ kënnt vu „wara(笑)“ – „laachen“) oder de portugiseschen „kkkkk“ gesinn.



KREOLSPROOCHE

si Sproochen, déi entstinn, wa Leit vu verschidde Länner matenee schwätzen an nei Wierder schafen, fir sech besser ze verstännegen. Ee Beispill ass Haitesch Kreol, eng Kombinatioun aus Franséisch, westafrikanesche Sproochen an eenheemesch Taino-Sproochen.

Wosst du, dass **IRESCH, SCHOTTESCHT GÄLESCH A MANX** keen eenzelt Wuert fir „jo“ an „nee“ hunn? Fir eng Fro ze beäntweren, benotzt ee Verbformen. D'Äntwert op „Si si heemgaangen?“ wier entweder „(si) si gaangen“ oder „(si) sinn net gaangen“.

„AALT“ DÄITSCH

Ëm d'Joer 1700, si vill Däitscher an d'USA immigréiert an hunn do an zoue reliéise Communautéite gelieft. Dat ass de Grond, wisou een haut nach ëmmer Däitsch aus dem 18. Joerhonnert am Bundesstaat Pennsylvania héiere kann.



D'KYRILLESCHT ALPHABET

gouf vun de byzantinesch-griichesche Bridder Cyril a Methodius erfondt, déi an Osteuropa als Missionaren ënner slawesche Vëlker geschafft hunn.

ALBANESCH, GRIICHESCH, TIERKESCH A BULGARESCH

kënnen een zimmlech duercheneemaachen. Wosst du, dass de Kapp rëselen ka „jo“ a mam Kapp wénken ka „nee“ bedeiten?

KLICKGERÄISCHER

Nëmmen e puer Sproochen, gréisstendeels am Süde vun Afrika, benotze Klickgeräischer. Si ënnerscheeden tëschent 5 Klickgeräischer, ofhängeg dovun, wou se am Mond produzéiert ginn.



ISLÄNNESCH évitéiert et, Friemwierder ze benotzen. Et gi léiwer nei Wierder aus ale Wikingierwierder geformt. D'Wuert fir Computer „tölva“ besteet aus den ale Wierder „tala“ (Nummer) a „völva“ (Prophétin).

SHELTA ass eng Sprooch, déi vun iredesche Reesender oder Rilantu Mincéiri geschwat gëtt. Et ass eng kryptesch Sprooch, déi si entwéckelt hunn, fir mateneen ze kommunizéieren an awer och fir hir Privatsphär virun der Majoritéitsgesellschaft ze schützen.

GENDEREN ODER NET GENDEREN

E puer Sproochen hu kee grammatikalescht Geschlecht (wéi Tierkesch an Englesch). Aner Sproocher benotzen zwee oder dräi Geschlechter (wéi Däitsch a Griichesch). Sproocher mat véier oder méi Geschlechter sinn zimmlech seelen: z.B. huet Zande (Kongo) Geschlechter fir männlech, weiblech, beliebt (ë.a. Déieren) an onbelieft.



Op **GRÖNLÄNNESCH** kann een eenzelt Wuert eng recht komplex Bedeitung hunn. Zum Beispill kann „nalaasaarusuum-merujussuaraluarpunga“ mat „op eemol wollt ech mech einfach hileeën a raschten, mee...“ iwwersat ginn.

5%

Nëmmen 5% vun de Leit, déi **PORTUGISESCH** schwätzen, liewen a Portugal. Dat ass kee Wonner, well bevölkerungsriich Länner wéi Brasilien a Mosambik och Portugisesch als Landessprooch hunn.



Vill **FINNESCH WIERDER** ginn, wéi och am Lëtzebuergeschen, zesummegeat: z.B. Äisschaf (jääkaappi) oder Lafband (juoksumatto). Computer (tietokone) bedeit am eigentleche Sënn „Wëssensmaschinn“!

Europäeschen Dag vun de Sproochen 26. September

